# Meng Zatzi 😘

*et ass elo 21:17 Auer. Genee virun zwee Joer, den 8. November 2024, hunn ech dech ëm dës Zäit ugeruff.*

Ech hat deen Owend nom Wanterfeeling en extrem ongutt Gefill, wat mer keng Rou gelooss huet. Dofir sinn ech op Käerjeng gefuer an hunn an enger Säitestrooss geparkt. Ech hun dech jäizen héieren an hun dech ugeruff. De Nilo ass un däin Telefon gaangen: „Hei däi Kolleeg rifft un“.

Duerno hunn ech dech ënnen an der Strooss fonnt. Du hues gekrasch, an ech hunn dech do um Trottoir an den Aarm geholl. Mer hu probéiert, zesumme eis ze berouegen an méi roueg ze ootmen. Ech wollt einfach bei dir sinn, dech halen an dir weisen, dass du net alleng bass.



*Du hues de Kapp gehuewen a mech ugekuckt.*

Dee Bléck vergiessen ech ni. Ech hat dech a mengen Äerm, an op eemol hunn ech gespuert, dass du fir mech esou vill méi bass. Do ass bei mär se berühmte Fonken iwwergesprong. Wéi ech däe duerno e Kuss op d'Stier ginn hunn, war do schonn esou vill, wat ech nach net a Wierder faasse konnt. Ech wollt nach e bëssen esou bei der bleiwen.

## Fir mech war dat den Ufank vun eis.

Et huet nach gutt annerhalleft Joer gedauert, bis mir eis eng Koppel nenne konnten. Du hues deng Zäit gebraucht, an et gouf Momenter, wou ech net wousst, ob mer jeemools zesumme géife sinn. Mee mäi Wonsch, mäi Liewe mat där ze deelen, ass bliwwen. Ech hunn dech ëmmer besser kennegeléiert an ëmmer méi gär gehat. Zanter dem 9. Juni si mer zesummen. An heiansdo kucken ech dech un a mierken, datt ech grad e Moment erliewen, deen ech mir esou laang gewënscht hunn.

# Du bass fir mech eng wonnerschéin Fra, Jessica.

Intelligent, häerzlech, frech an esou voller Léift. Ech hunn däi Laachen gär an dat grousst mä zerbriechlecht Häerz, waats de heiansdo gutt verstopps. Ech gesinn deng léif Gesten an deng Opmierksamkeet. Heiansdo wënschen ech mer, dass du dech fir ee Moment esou gesi kéins, wéi ech dech gesinn.

Ech freeë mech op all Moment, dee mer matenee verbréngen. Op eis Gespréicher, eis Kussen an déi roueg Owender, wou mer einfach nieftenee sëtzen. Ech hunn et gär, dech ze masséieren, dech ze verwinnen an där ganz no ze sinn. Déi Freed, engem Mënsch esou no ze sinn, hat ech laang net méi. Mat där ass se nees do. An och wann iwwerhaapt näischt Besonnesches geschitt, sinn ech einfach gär bei där.

Et deet mer leed, dass ech haut nees esou komesch war. Sonndeger fale mer schwéier, well ech weess, dass mer eis erem Äddi mussen soen. Ech gi bei mech heem, du bleifs bei där. An owes leien ech nees alleng am Bett a géif dech esou gär nach eng Kéier un mech zéien, deng Wäermt spieren a mat där aschlofen. Ech vermëssen dech dann einfach immens.

Mer wunnen nach net zesummen, an dat Liewen, dat ech mer mat där wënschen, ass elo nach net ganz méiglech. Mee ech hoffen, dass mer an noer Zukunft zesummen déi nächst Schrëtt maache kënnen. Ech wëll mäi Liewe mat där deelen. Mat eis zwee als Koppel an eise Kanner.

Ech stellen mer heiansdo vir, wéi mer no engem Weekend zesummen heemkommen, amplaz a verschidden Haiser zeréckzegoen. Wéi mer zesummen d'Kanner an d'Bett bréngen, nach e bëssen Zäit fir eis hunn an duerno beienee leien. Ech ginn dir e Kuss op d'Stier, an dës Kéier muss kee vun eis méi fort. Den nächste Moie géife mer zesummen an e ganz normalen Dag starten. Fir mech wier genau dat eppes Wonnerschéines.

Ech wënsche mer, dass mer eise Wee weider zesumme ginn, oppen an éierlech matenee bleiwen an aus deem Wonsch eisen Alldag maachen. Ech freeë mech op déi grouss Saachen, déi mer hoffentlech nach erliewe kënnen. Mee grad esou op dat Einfachst: owes bei där aschlofen a moies nieft der erwächen.

Haut virun zwee Joer wosst ech nach net, wéi vill dee Bléck fir mäi Liewe géif bedeiten. Haut weess ech, dass ech déi Fra a mengen Äerm hat, mat där ech meng Zukunft wëll deelen.

Ech hunn dech onheemlech gär, mäi Schatzi. Dee Bléck war fir mech den Ufank. An ech wënsche mer nach e ganzt Liewe voller Momenter mat där.

# Ech hun dech gär meng Zatzi

❤️ 😘